N°3299
Entrée le 14.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3299 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen

1. Dierf eng Crèche ee Fändel ophänken, deen eng ideologesch Iddi representéiert?

   All Bildungs- a Betreiungsservice fir Kanner, deen en Agrement vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) ausgestallt krut, ënnerläit de Konditioune vun der *Loi modifiée du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'Etat et les organismes oeuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique* an dem *règlement grand-ducal modifié du 14 novembre 2013 concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires de services d'éducation et d'accueil pour enfants*.

   Geméiss dem Artikel 2, Alinéa 1, Punkt e), vum uewegenannte Gesetz ass eng Konditioun, fir den Agrement ausgestallt ze kréien an ze behalen, datt de Bildungs- a Betreiungsservice fir all Kand zougänglech ass, onofhängeg vun ideologeschen, philosopheschen oder reliéisen Hannergrënn, an datt all Kand e Recht op Privatsphär huet a seng reliéis oder philosophesch Iwwerzeegunge respektéiert ginn.

   Dëst gëtt, wéi am Artikel 4, Paragraf 1, Alinea 2, Punkt h., vum *Réglement grand-ducal* vum 14. November 2013 och schrëftlech vum Gestionnaire bestätegt.

   Sollten dës Prinzippien, ënner anerem duerch d'ëffentlech Representatioun vun ideologeschen Iddien, net agehale ginn, behält sech de MENJE d'Recht vir, dem Gestionnaire vum betraffene Bildungs- a Betreiungsservice fir Kanner eng Mise en demeure zouzestellen. An där Mise en demeure gëtt dem Gestionnaire d'Méiglechkeet ageraumt, sech zu den him reprochéierte Mängel ze äusseren an dës gegeebenefalls bannent enger festgeluechter Frist ze korrigéieren.

   D'Direction générale du secteur de l'enfance vum MENJE, a méi prezis de Service réclamations et contrôle, féiert reegelméisseg Kontrollen duerch, fir ze iwwerpréiwen, ob d'Bildungs- a Betreiungsservicer fir Kanner déi gesetzlech a reglementaresch Virgaben erfëllen. All Bedenken am Zesummenhang mat engem potentiellen Net-Anhale vun dëse Bestëmmunge kënnen dësem Service gemellt ginn.

2. Gëtt et eng Obligatioun zur Neutralitéit fir Crèchen, déi eng Konventioun mam Staat oder een Agrément vum Staat hunn, a verbitt dës och d'Affichage vu politeschen, reliéisen oder ideologesche Symboler?

   Nieft den, an der Äntwert zu der Fro 1 opgelëschte gesetzleche Virschrëften, déi vun de Bildungs- a Betreiungsservicer fir Kanner ze respektéiere sinn, schreift och de Cadre de référence national sur l'éducation non formelle vir, datt d'Kannerrechter, d'Wäertschätzung vun der Diversitéit vun de Kanner an d'Oppenheet zentral Elementer vun der non-formaler Bildung sinn. Dës Prinzippie musse vun all Bildungs- a Betreiungsservice fir Kanner konsequent ëmgesat ginn.

Lëtzebuerg, de 14. Januar 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH